piraten.lu

N°4106
Entrée le 19.05.2026
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Claude Wiseler
Luxembourg, le 20.05.2026
Chambre des Députés

PIRATEN

Claude WISELER
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 18/05/2026

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministesch fir Sport weiderzeleeden.**

Den Institut national de l'activité physique et des sports (INAPS), deen den 1. Oktober 2023 op Basis vum Gesetz vum 1. August 2023 geschaaft gouf, huet als eng vu senge Kärmissiounen d'Ausschaffen, d'Organiséieren an d'Entwéckle vun de Formatioune vun den techneschen an administrative Kadere fir déi verschidde Forme vun der kierperlecher a sportlecher Aktivitéit. Dës Formatiounen, déi am System vum Luxembourg Qualifications Framework (LUXQF) op de Niveauen 1 bis 6 strukturéiert sinn, ginn an enker Zesummenaarbecht mat den agreéierte Sportfederatiounen ugebueden, woubäi d'Modalitéite vun deene Formatiounen an de Konventiounen tëschent dem INAPS an de jeeweilege Federatioune festgehale ginn.

Aus dem Sportsmilieu sinn awer Informatioune bei mech erugedroe ginn, no deenen den INAPS de Moment keng nei Konventioune mat Federatioune fir d'Opmaache vun neie LUXQF-Formatiounsfilièren ënnerschreift. Als Grond fir dëse Blocage gëtt eng feelend Rechtsgrondlag ugefouert, wouduerch nei Konventiounen eréischt nom Vote vun engem entspriechende rechtleche Kader – deen anscheinend nach ronn zwee Joer op sech waarde léisst – ofgeschloss kënne ginn. Dës Situatioun ass besonnesch problematesch, well se Federatiounen, déi e konkreete Besoin u qualifizéierte Kadere mellen, d'Méiglechkeet hëlt, hir Formatiounen am offizielle LUXQF-Kader z'entwéckelen, an domat och de rezent vum INAPS presentéierten "Long Term Coach Development"-Konzept (LTCD) souwéi d'Qualitéit vum Encadrement am Lëtzebuerger Sport beanträchtegt.

An deem Zesummenhang wéilt ech der Ministesch dës Froe stellen:

Sensibilité Politique Piraten
Chambre des Députés

